Dokumentatioun vum Projet Bëschnascht

Eng Kooperatioun vun der NaturErliefnisSchoul an dem Lycée Technique Agricole

Eng Kooperatioun vun de Kanner aus der NaturErliefnisSchoul vun Natur- & Geopark Mëllerdall aus dem C 2.1 vun der Grondschoul Beeforter Buergfënkelcher an de Schüler vun der DP2EN aus dem Zweeten vun insgesamt 3 Ausbildungsjore fir Ëmweltfachaarbechter aus dem Lycée Technique Agricole vun Ettelbréck. Matgehollef an der Viraarbecht hunn och d'Schüler vun der DP3EN aus dem leschte Joer vum Lycée Technique Agricole.

Partner vum Projet Bëschnascht:

- Jacques Karier Lycée technique agricole
- Lex Kilburg Lycée technique agricole
- Marc Hoffmann Fierschter
- Sandra Leoni NaturErliefnisSchoul vum Naturpark Mëllerdall an Grondschoul Beeforter Buergfénkelcher
- Joelle Renoir NaturErliefnisSchoul vum Naturpark Mëllerdall
- Schüler vun de Klassen DP2EN an DP3EN aus dem Lycée Technique Agricole
- Schüler aus dem C2.1 vun der Grondschoul Beefort Buergfënkelcher

Zäitlechen Deroulement:

a) Éischt Treffen Freides den 22.03.2019 mam Marc, Jacques, Sandra a Joëlle

Mir treffen eis bei der Schoul an ginn op Seiwecht eng Platz eraussichen fir d'Bëschnascht ze bauen. Mir leen zesummen éischt Critèren fest:

- Fir +- 2 Klassen dat heescht 30 Schüler
- Mat Sëtzbänk
- a méiglechem Reenschutz
- ouni Feierplatz well mer der schonn eng nobäi hunn

b) D'Proffen aus dem LTA beschwätzen de Projet an hirer Klass mat den Schüler vun der DP2EN di am zweeten Joer fir Emweltfachaarbeschter sinn. Si iwwerleeë an plangen wat méiglech ass.

c) D'Schüler vum C2.1 diskutéieren an der Klass wéi hiren Bëschnascht ausgesinn kéint a zeechnen en op. Mir sammelen zousätzlech Iddien mat de Kanner wat alles misst an eiser Bëschnascht sinn.

d) D'Schüler vun der DP3EN aus dem LTA kommen Freides den 26.04.2019 an de Bësch, d'Beem an dësem Bëschdeel vun dem doudegen Holz an den Krounen befreien.

D'Schüler vum C2.1 kommen an de Bësch op d'Plaatz kuken an kréien d'Virgehensweis an d'Material erklärt.

Mir gesinn:

- wie een mat der Schleider d'Seel iwwert een heigen Aascht scheisst
- wéi een een Baam ropklotert
- waat alles um Rimm vum Bëscharbeschter hängt
- wéi schwéier en ass

e) D'Schüler vun den DP2en vun den Ëmwelltfachaarbechter kennt op d'Plaatz an de Bësch an preparéiert d'Grondgerüst vum Bëschnascht.

- eng Partie Beem déi vum Stuerm schief hungen ginn ëmgemach a kleng geschnidden
- d'Peil ginn mat der Motosäe op Moos geschnidden an 60 cm déif ageklappt

f) Den 30.4. ginn d'Schüler vum C2.1 sech dat preparéiert Gerüst vum Bëschnascht ukucken.

Zeréck an der Schoul huelen si hier Zeechnungen nach eng Kéier eraus a kucken op nach Verbesserungen kennen gemaach ginn.

g) D'Schüler aus dem LTA an den éischte Grupp aus de Klassen vum C2.1 treffen den 2.5.2019 fir d'éischte Kéier openeen.

Mir kréien eng kuerz Erklärung mat Demonstratiounen mat de Maschinnen wéi d'Gerüst vum Bëschnascht entstanen ass:

- Platz gebotzt
- Lächer virgebuert
- Eechen Péil duerchgeschnidden an vir gekeilt
- Grondgerüst
  aus eechen Pottoen ageschloe

Mir stellen eis géigesäiteg vir. Duerno hunn sech ganz séier Zweer-Gruppen gebilt.

Ëmmer een Groussen mat engem Klengen, schaffen si de ganzen Moien zesummen:

- Äscht ginn gesammelt
- Äscht ginn kleng gemeet
- kleng Äscht ginn ofgepëtzt mat engem risegen Secateur
- Äscht vun Noolebeem ginn gesammelt
- Feier gëtt gemaach

Um 10.00 Auer gouf et eng kleng Stäerkungspaus an der mir eng Gierschlimonade, Pissblummenhunneg an een Kraiderdipp mat Baguette geschmaacht hunn.

Kuerz virun Schluss hunn mir eng Oofschlossronn gemaach an der di kleng deenen groussen Schüler nach hier Iddien zur Verschéinerung vun der Bëschascht virgedroen hunn.

Eng Iddi vum C2.1 gouf zeréckbehale an zwar di vun Mantelbrieder fir d'Rucksäck opzehänken. D'Schüler vum LTA hunn dräi ënnerschiddlech Techniken benotzt fir d'Mantelbrieder ze bauen an opzestellen.

D'Schüler vum LTA haten och di gutt Iddi fir Brieder op 2 m ze schneiden an Stäck vun Bamstämm an d'Mëtt vum Bëschnascht ze stellen. Domat kënne mer ëmmer nei mobil Dëscher oder Sëtzgeleeënheeten bauen.

h) Zeréck an der Schoul hunn d'Schüler vum C2.1 Bréiwer geschriwwen a gemolt fir hier grouss Frënn.

i) Den 7.5.2019 treffen d'Schüler aus dem zweeten Grupp vum C2.1 op d'Schüler vum LTA.

Mir kréien eng kuerz Intro wat bis elo geschafft ginn ass mat dem éischten Grupp a stellen eis all geigenseiteg vir. Ganz séier fannen sech nees nei Partner grouss a kleng.

- Äscht ginn kleng geseet
- kleng Äscht ginn ofgepëtzt mat engem risegen Secateur
- Äscht vun Noolebeem ginn gesammelt fir d'Sëtzfläch
- D'Noolebeemsäescht ginn an d'Gerüst ageschafft
- Jonk Buchen ginn ëmgeplanzt ronderëm d'Bëschnascht
- Ee Wee vun dem alen Bëschnascht bei den Neien gëtt mam Fräischneider propper gemaach.
- Een Seel gëtt opgehaange fir datt mer kennen en Segeldach driwwer fixéieren falls et ze vill reent

Um 10.00 Auer hunn mer nees eng Stäerkungspaus mat Viz vum Naturpark an Kraiderbouletten mat Kraiderdipp well et de Schüler vum LTA di éischte Kéier u Fleesch gefeelt huet.

Mir raumen d'Material an d'Plaatz.
Kuerz nodeems mer mat alles färdeg sinn versammele mer eis an dem schéinen Bëschnascht.

j) D'Kanner aus dem C2.1 verdeelen hier Bréiwer un hier nei Frënn an d'Enseignanten soen villmools Merci fir di flott Zesummenaarbecht mat dem wonnerschéinen a praktesch notzbaren Resultat.